LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7009 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwert d'Mutualité des Employeurs**

Laut dem Artikel 4 vun de Statute vun der Mutualité des employeurs (MDE), sinn d'Societéiten, déi obligatoresch affiliéiert sinn, wéi och d'Persounen déi fir hiren eegene Kont schaffen a fräiwëlleg affiliéiert sinn, a véier Kotisatiounsklassen opgedeelt no engem finanziellen Absenteeismustaux wärend enger definéierter Observatiounsperiod.

Ënnert finanziellen Absenteeismustaux vun enger Societéit oder enger Persoun déi fir hiren eegene Kont schafft, si folgend definéiert Fraktioune gemengt:

- um Numerator duerch d'Montanten déi en rembourséiert krut fir d'Aarbechtsonfäegkeet vu senge Mataarbechter, respektiv fir seng eegen Aarbechtsonfäegkeet wärend der Observatiounsperiod;
- um Nenner duerch d'Kotisatiounsassiette vun all de Mataarbechter vun der Societéit respektiv vu sengem eegenen Akommes fir déi selwecht Period.

Net berécksiichtegt ginn:

- d'Aarbechtsonfäegkeet wéinst Krankheet wärend der Proufzäit bis maximal dräi Méint;
- d'Aarbechtsonfäegkeet wéinst engem Aarbechtsaccident oder enger Beruffskrankheet;
- d'Absencë wéinst enger Quarantänmoossnam oder enger Isolatiounsmoossnam op Basis vun enger Decisioun vum Gesondheetsdirekter oder sengem Delegéierten;
- d'Absencë wéinst engem Congé de maternité oder enger Adoptioun;
- d'Absencë wéinst dem Congé aus familiäre Grënn;
- d'Absencë wéinst dem Congé d'accompagnement.

D'Observatiounszäit entsprécht den dräi Exercicer virum Joer vum Kotisatiounsexercice, souwäit eng Affiliatioun un d'Mutualitéit besteet.

D'Statuten definéieren also de finanziellen Absenteismustaux, deen duerch d'Statutenännerunge vum 18. Dezember 2020 geännert gouf. Déi Ännerung huet sech dorop bezunn, datt fir all Employeur d'Absencen déi op enger Quarantänmoossnam oder enger Isolatiounsmoossnam baséieren, net mat an d'Berechnung vum finanziellen Absenteismustaux mat erageholl gi fir de Klassement an eng vun de 4 Klassen.

D'Mutualité rembourséiert awer 100% vun den Absencë wéinst enger enger Quarantänmoossnam oder enger Isolatiounsmoossnam op Basis vun enger Decisioun vum Gesondheetsdirekter oder sengem Delegéierte fir d'Perioden zënter Juli 2020. Dës Prestatioune ginn also net berécksiichtegt fir d'Berechnung vum Klassement och wann se eng Charge fir d'Mutualité des employeurs duerstellen a fléisst och an déi allgemengen Absenteismus vun de Societéite bäi. Dëse kann awer statistesch erausgerechent gi fir vergläichbar Zuelen ze hunn vum Niveau vum Absenteismus.

Hei drënner den Tableau mat den Donnéeën zënter 2017 a Secteur.

| Taux d'absentéisme financier | Année | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Secteur NACE** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** |
| **Activités de services** | 1,65 | 1,73 | 1,77 | 1,79 | 1,81 | 1,80 |
| **Activités extra territoriales** | 1,43 | 1,55 | 1,79 | 2,00 | 1,92 | 1,82 |
| **Activités immobilières** | 1,56 | 1,63 | 1,62 | 1,63 | 1,57 | 1,67 |
| **Activités scientifiques et techniques** | 1,36 | 1,36 | 1,41 | 1,39 | 1,40 | 1,38 |
| **Administration publique** | 2,12 | 2,13 | 2,16 | 2,10 | 2,06 | 2,08 |
| **Agriculture, sylviculture et pêche** | 1,28 | 1,60 | 1,47 | 1,52 | 1,53 | 1,59 |
| **Arts et spectacles** | 1,21 | 1,21 | 1,28 | 1,30 | 1,24 | 1,34 |
| **Autres activités de services** | 1,82 | 1,93 | 2,07 | 2,13 | 2,00 | 2,01 |
| **Commerce** | 1,88 | 1,90 | 1,90 | 1,90 | 1,80 | 1,85 |
| **Construction** | 2,60 | 2,62 | 2,73 | 2,63 | 2,54 | 2,55 |
| **Enseignement** | 1,67 | 1,41 | 1,30 | 1,36 | 1,16 | 1,32 |
| **Finance et assurances** | 0,89 | 0,98 | 0,93 | 0,86 | 0,83 | 0,74 |
| **Hébergement et restauration** | 2,34 | 2,35 | 2,38 | 2,31 | 2,21 | 2,06 |
| **Industrie manufacturière** | 2,49 | 2,42 | 2,50 | 2,65 | 2,52 | 2,40 |
| **Industries extractives** | 4,82 | 4,09 | 2,30 | 2,44 | 2,00 | 1,11 |
| **Information et communication** | 1,00 | 1,01 | 1,11 | 1,12 | 1,02 | 0,98 |
| **Ménages privés** | 1,83 | 1,59 | 1,76 | 1,78 | 1,92 | 1,98 |
| **Non classés** | 1,02 | 1,10 | 1,23 | 1,05 | 0,97 | 0,97 |
| **Production d'électricité, de gaz** | 1,54 | 1,72 | 1,60 | 1,28 | 1,26 | 1,75 |
| **Production et distribution d'eau** | 2,62 | 2,64 | 2,42 | 2,45 | 2,66 | 2,10 |
| **Santé** | 2,13 | 2,09 | 2,22 | 2,06 | 2,08 | 2,13 |
| **Transport** | 2,12 | 2,23 | 2,30 | 2,29 | 2,11 | 2,23 |


Déi nächst Tableaue präziséieren d'Evolutioun tëschen de Klassen am Verglach mat 2017 an d'Unzuel vun de Societéite pro Klass.

| EVOLUTION DE LA CLASSE | NOMBRE |
|---|---|
| **Amélioration de la classe depuis 2017** | 7.726 |
| **Classe 2022 = Classe 2017** | 15.467 |
| **Détérioration de la classe depuis 2017** | 8.825 |

| Nombre d'employeurs par classe | Année | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Classe** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** |
| **1** | 23.390 | 24.110 | 24.645 | 24.663 | 24.990 | 25.441 |
| **2** | 16.289 | 16.506 | 15.999 | 17.442 | 17.423 | 17.551 |
| **3** | 4.409 | 4.510 | 4.704 | 4.756 | 4.996 | 4.950 |
| **4** | 9.327 | 9.538 | 9.850 | 10.121 | 9.962 | 9.995 |

D'Graphik hei drënner weist d'Evolutioun vun de Montante vun der MDE un d'Beneficiairen.

*Ventilation des prestations (remboursements) par la Mutualité des employeurs par période*




Et ass festzestellen, dat wärend den éischten 3 Méint vum État de crise (Abrëll 2020 – Juni 2020) keng Prestatiounen en Charge geholl goufe well zu dëser Zäit d'Krankegeld vun der Gesondheetskeess bezuelt gouf. D'Remboursementer, déi ab Juli 2020 gemaach goufen, bestinn aus Remboursementer zum Taux vun 80% fir déi gewéinlech Krankheetsperioden an aus Remboursementer zu 100% fir d'Periode wéinst enger Quarantänmoossnam oder enger Isolatiounsmoossnam op Basis vun enger Decisioun vum Gesondheetsdirekter oder sengem Delegéierten.

Lëtzebuerg, den 15. November 2022

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen